N°4398
Entrée le 17.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°4398 vum 6. Juli 2026 vum éierbaren Deputéierten Ben Streff betreffend d'"Répartition des logements abordables et soutien aux communes pour leur création et leur gestion".**

1. **Kann den Här Minister dir déi läscht fënnef Joer opschlësselen, wéivill abordabel Wunnengen an de jeeweilege Gemengen geschaf gi sinn? Wéi vill Wunnengen hunn d'Gemenge selwer geschaf, lassgeléist vun ëffentleche Promoteuren an de Wunnengen aus dem VEFA-Opkaf-Programm?**

De Logementsministère huet keng Statistiken iwwert all färdeggestalltee abordabele Wunnengen.

Laut de Joresberichter vum Fonds du Logement a vun der SNHBM, Acteuren déi déi meeschten abordabel Wunnengen am Land bauen, huet sech d'Zuel vun de fäerdeggestallte Wunnenge wéi follegt entwéckelt :

Unités de logement achevés par le Fonds du Logement et la SNHBM


| | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|
| Fonds du Logement | 85 | 106 | 116 |
| SNHBM | 160 | 250 | 288 |

Parallel zu de Fäerdegstellungen ass d'Unzuel vun de Wunnengen déi an der Realisatioun si fir déi concernéiert Jore wéi follegt :

| | **2023** | **2024** | **2025** |
|---|---|---|---|
| Fonds du Logement | 461 | 668 | 1.227 |
| SNHBM | 951 | 1.092 | 1.335 |

An dësem Kontext kënne mir nach präziséieren datt d'Unzuel vun de konventionéierten « Aides à la pierre »-Wunnengen déi lescht Jore konstant geklommen ass. E Wunnengsbauprojet fält ënner eng „Aides à la pierre“-Konventioun, wann de Projet op mannst an der Phas vum „Avant-Projet Détaillé“ ass, dat heescht, datt eng Baugeneemegung ugefrot gouf bzw. datt d'Baugeneemegung schonn accordéiert ginn ass. Dës Projete sinn deemno entweder am Bau oder sti kuerz virum Baubeginn. Vun deene konventionéierten Projeten, sinn der 98% Neibau.

Tëscht 2024 an 2025 ass d'Zuel vun de konventionéierten Wunnengen ëm +26,6 % geklommen.




D'Detailer zu de konventionéiert Wunnengsbauprojeten fënnt een am Rapport annuel vum Fonds spécial pour le logement abordable.

2. **Kann den Här Minister fir all Gemeng präziséieren, wéi vill Wunnengen an de jeeweilege Gemengen iwwert d'Gestion Locative Sociale verlount ginn? Wéi vill Gemenge këmmeren sech hei selwer ëm d'Gestioun vun deene Wunnengen? Wéi vill Gemenge ginn d'Gestioun u konventionéiert Acteure virun?**

D'Unzuel vun de Wunnenge woufir 2025 eng Gestion Locative Sociale (GLS) Konventioun ënnerschriwwe gouf, si wéi follegt :

| **Commune** | **Logements en GLS en 2025** |
|---|---|
| Beaufort | 6 |
| Bech | 1 |
| Beckerich | 10 |
| Berdorf | 2 |
| Bertrange | 10 |
| Bettembourg | 32 |
| Bettendorf | 7 |
| Betzdorf | 3 |
| Bissen | 2 |
| Biwer | 4 |
| Boulaide | 3 |
| Bourscheid | 6 |
| Bous-Waldbredimus | 7 |
| Clervaux | 34 |

| | |
|---|---|
| Colmar-Berg | 17 |
| Consdorf | 5 |
| Contern | 4 |
| Dalheim | 5 |
| Diekirch | 51 |
| Differdange | 122 |
| Dippach | 8 |
| Dudelange | 76 |
| Echternach | 16 |
| Ell | 2 |
| Erpeldange-sur-Sûre | 11 |
| Esch-sur-Alzette | 155 |
| Esch-sur-Sûre | 3 |
| Ettelbruck | 80 |
| Feulen | 1 |
| Fischbach | 4 |
| Flaxweiler | 2 |
| Frisange | 9 |
| Garnich | 2 |
| Goesdorf | 8 |
| Grevenmacher | 20 |
| Grosbous - Wahl | 6 |
| Habscht | 6 |
| Heffingen | 1 |
| Helperknapp | 9 |
| Hesperange | 23 |
| Junglinster | 20 |
| Käerjeng | 35 |
| Kayl | 19 |
| Kehlen | 12 |
| Kiischpelt | 7 |
| Koerich | 1 |
| Kopstal | 2 |
| Lac de la Haute-Sûre | 3 |
| Larochette | 1 |
| Lenningen | 1 |
| Leudelange | 0 |
| Lintgen | 16 |
| Lorentzweiler | 8 |
| Luxembourg | 148 |

| | |
|---|---|
| Mamer | 11 |
| Mantemach | 1 |
| Mersch | 44 |
| Mertert | 14 |
| Mertzig | 3 |
| Mondercange | 8 |
| Mondorf-les-Bains | 16 |
| Niederanven | 12 |
| Nommern | 3 |
| Parc Hosingen | 9 |
| Pétange | 51 |
| Préizerdaul | 12 |
| Putscheid | 10 |
| Rambrouch | 10 |
| Reckange-sur-Mess | 4 |
| Redange-sur-Attert | 12 |
| Reisdorf | 2 |
| Remich | 12 |
| Roeser | 12 |
| Rosport-Mompach | 7 |
| Rumelange | 17 |
| Saeul | 0 |
| Sandweiler | 7 |
| Sanem | 41 |
| Schengen | 8 |
| Schieren | 2 |
| Schifflange | 38 |
| Schuttrange | 4 |
| Stadtbredimus | 0 |
| Steinfort | 10 |
| Steinsel | 7 |
| Strassen | 7 |
| Tandel | 5 |
| Troisvierges | 14 |
| Useldange | 6 |
| Vallée de l'Ernz | 3 |
| Vianden | 4 |
| Vichten | 0 |
| Waldbillig | 1 |
| Walferdange | 17 |

| | |
|---|---|
| Weiler-la-Tour | 3 |
| Weiswampach | 13 |
| Wiltz | 26 |
| Wincrange | 20 |
| Winseler | 2 |
| Wormeldange | 3 |
| **Total** | **1.557** |

Dräi Gemenge këmmeren sech aktuell selwer ëm GLS-Wunnengen : Dikrich, Esch/Uelzecht, Mondorf-les-Bains.

Ausserdeem ginn et 8 Office sociaux déi GLS-Wunnenge geréieren : OS Bettembourg-Frisange-Roeser, OS Centrest, OS Dudelange, OS Mamer, OS Nordstad, OS Resonord, OS Schifflange an OS Wiltz.

D'Gemengesyndikater Réidener Kanton an den SIKOR këmmeren sech och ëm GLS Wunnengen.

3. **Kann den Här Minister eis d'Gesamtzuel un abordabele Wunnengen, déi an de jeeweilege Gemenge, no de Krittäre vum abordabele Wunnengsbau, verlount ginn oplëschten? Kann de Minister eis d'Gesamtzuel un abordabele Wunnengen hei am Land nennen?**

De Logementsministère huet keng Gesamtunzuel un abordabele Wunnengen. Déi Zuelen déi dem Ministère virleie beinhalten déi deklaréiert Wunnenge vun de Gemengen, d'Wunnenge vum Fonds du Logement an vun der SNHBM. Déi detailléiert Zuele sinn am Rapport vum Fonds spécial pour le logement abordable 2025 ënnert der Annex 9.3 ze fannen.

2025 waren et 4.489 abordabel Locatiounswunnengen, dovun 1.468 vun de Gemengen

Et ass wichteg bäizefügen datt den nationale Register fir abordabel Wunnengen (RENLA) am Abrëll 2026 agefouert ginn ass a progressiv mat de konventionéierten abordabele Wunnengen alimentéiert wäert ginn.

4. **Ass den Här Minister och der Meenung, dass d'Virfinanzéierung vun abordabele Bauprojeten fir verschidde Gemengen eng grouss finanziell Hürde kann duerstellen? Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung d'Aides à la pierre op Basis vun enger Virfinanzéierung de Gemenge ze gutt kommen ze loossen? Ass den Här Minister der Meenung, dass déi finanziell Laascht op de Gemengen esou net kéint erofbruecht an esou méi abordabel Wunnenge kéint geschaf ginn? Am Fall wou den Här Minister dat net esou gesäit, firwat?**

D'Gesetz vun 2023 fir den abordabele Wunnengsbau ass reforméiert ginn a gesäit ë.a. vir datt och d'Gemengen d'Recht kréien op eng Rémunération sur capital investi, wat fir déi betraffe Gemeng heescht, datt de Staat endfristeg den Bauprojet integral finanzéiert huet. Ausserdeem gesäit d'Reform vum Gesetz och vir datt déi finanziell Bedeelegung un den Zënskäschte am Fall vun enger Virfinanzéierung, och fir abordabel Locatiounswunnenge gëllt.

5. **Gesäit d'Regierung weider Hëllefe fir d'Gemenge vir, déi bereet si weider abordabel Wunnengen op hirem Territoire ze schafen?**

Am Juni 2025 huet d'Regierung e Gesetzesprojet op den Instanzewee bruecht deen dat aktuell Gesetz vum Pacte Logement 2.0 soll ofänneren, administrativ vereinfachen an zu de scho besteeënden Dotatiounen och weider Dotatioune fir d'Gemenge soll aféieren. Dës nei Dotatioune kënnen d'Gemenge kréien opgrond vun zum engem Vefa-Projeten déi de Staat um Territoire vun enger Gemeng opkeeft, zum aneren op der Schafung vu Wunnengen op de PSL-Site an awer och fir d'Mobilisatioun vu Baulücken.

Hei en Iwwerbléck iwwer déi geplangten neien Dotatiounen:

- 2.500.- € fir all Wunneng um Territoire vun der jeeweileger Gemeng déi duerch de Staat kaf gouf.
- 2.500.- € fir all Wunneng déi op engem PSL-Site virgesinn ass
- 2.500 .-€ fir all Wunneng déi op enger Baulück realiséiert gëtt

Des Weideren sief erwäänt, dass dëse Gesetzesprojet virgesäit, dass d'Gemengen an Zukunft all Joer déi Dotatiounen déi hinnen zoustinn direkt ausbezuelt kréien an net méi esou wéi aktuell an engem Däppe landen an nëmmen op Grond vu validéierte Projeten an der bezuelter Rechnung ausbezuelt ginn. Dëst hëlleft de Gemengen natierlech bei der Finanzéierung vun hiren Equipements collectifs déi absolut noutwendeg si fir d'Ëmsetzung vu bezuelbarem Wunnraum.

Eng weider Source ass d'Finanzement vun de Logementsberoder déi an hirer Funktioun d'Gemeng jee no spezifeschem Bedarf solle ganz no begleede fir dass déi Verantwortlech vun de Gemenge kënne déi richteg a wichteg Decisiounen huelen. Si begleeden d'Gemenge beim Ausschaffen, Ëmsetzen an Aktualiséiere vun hirem Programme d'action local logement, souwéi beim Suivi vun de Projeten. Si sinn domat e permanente Lien tëscht dem lokalen Niveau an dem Ministère.

Nieft dëst finanzielle Mesurë setzt d'Regierung op eng enk a reegelméisseg Begleedung vun de Gemengen. D'Cellule « Soutien aux communes » vum Ministère ass déi zentral Ulafstell fir d'Gemengen, wann et ëm hir kommunal Wunnengsstrategie, d'Planung, d'Realisatioun an d'Gestioun vun abordabele Wunnenge geet. Zanter Ufank 2026 huet d'Cellule sech scho mat 23 Gemenge getraff, also mat méi wéi enger vu fënnef Gemengen an nëmmen e puer Méint. Dës Echangë sinn een individualiséierten a praktesch orientéierte Suivi, wou zesumme mat de Gemengen hir konkret Besoinen analyséiert ginn, fir méiglech Hürden ze identifizéieren an déi passend Instrumenter opzezeechnen — notamment d'Aides à la pierre, de RENLA, de Bailleur social oder d'Gestion locative sociale.

D'Regierung féiert deemno eng Approche weider, déi finanziell Ënnerstëtzung, administrativ Vereinfachung an eng no, individuell Begleedung vun de Gemenge kombinéiert.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch